N°1903
Entrée le 10.03.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Wirtschaft, PME, Energie an Tourismus, Lex Delles, a vum Finanzminister, Gilles Roth, op d'parlamentaresch Fro n°1903 vum 6. Februar 2025**

Am Kontext vun de Froe vum Här Deputéierten iwwer d'Kontrollmechanisme fir d'Konformitéit mat den EU-Norme vu Päck aus Drëttlänner erlabe mir eis op d'Äntwert vum 25. November 2024 op d'parlamentaresch Fro n°1401 vum 22. Oktober 2024 ze verweisen.

Des Weidere sief drop higewisen, dass d'Chamber, den 13. Februar 2025, de Gesetzesprojet n°8376, deen en europäescht Reglement iwwer d'Produktsécherheet (Reglement 2023/988/EU) ëmsetzt, eestëmmeg ugeholl huet. D'Zil vun dësem Reglement ass, datt Produiten, déi an Europa u Konsumente verkaf ginn, sécher sinn an déi europäesch Reegele respektéieren.

An deem Kontext sief och drop higewisen, dass déi zoustänneg Autoritéit fir d'Maartiwwerwaachung an nationale Kontaktpunkt fir de "Safety Gate", den ILNAS (*Institut luxembourgeois de la normalisation, de l'accréditation, de la sécurité et qualité des produits et services*), administrativ Strofen ausschwätze kann, am Fall wou Verkeefer oder Online-Maartplazen hire Verpflichtungen net nokommen.

1. **Wei vill vun de 14-15 Millioune Päck, déi zu Lëtzebuerg verdeelt ginn, kommen aus Drëttlänner, aus der EU a vun nationale Commercen?**

An sengem *Rapport statistique 2023 – les services postaux au Luxembourg*[1] an an der Infographik *Les services postaux au Luxembourg 2023*[2] leet den ILR (*Institut luxembourgeois de régulation*) d'Haaptindikateure zu de Post-Servicer duer, also och zu de Päck, déi als Colise verschéckt ginn.

Den ILR ënnerscheet tëschent nationalem Trafick vu Päck, internationalem Trafick, deen eraus geet (*outbound*), an internationalem Trafick, deen erakënnt (*inbound*) : *"Les services colis totalisent un volume de 18.36 millions d'unités en 2023, en hausse de 10.9 % par rapport à 2022, dont 14.85 millions d'unités pour le trafic transfrontalier entrant et 2.35 millions pour le trafic transfrontalier sortant."*[3]

Den ILR mécht beim internationalen Trafick a senge Statistike keen Ënnerscheed tëschent dem EU-Ausland an den Drëttlänner an ënnerscheet och net no Importkanal.

Op der Säit vun der Douane si fir d'Joer 2023 4,64 Milliounen Import-Deklaratioune fir E-commerce Wueren aus Drëttlänner enregistréiert ginn.

---

[1] https://www.ilr.lu/wp-content/uploads/Rapport-statistique-des-services-postaux-au-Luxembourg-de-lannee-2023pdf.pdf
[2] https://www.ilr.lu/wp-content/uploads/publication/ilr-cdp-pub-2024-08-07-Infographies_services_postaux_2023.pdf
[3] Op der Säit 24 vum Rapport : https://www.ilr.lu/wp-content/uploads/Rapport-statistique-des-services-postaux-au-Luxembourg-de-lannee-2023pdf.pdf

**2. Wéi verdeelt sech dat op déi eenzel Importkanäl - Loft, Zuch, Stroossentransport?**

Laut Douane hu ronn 95 Prozent vun de virgennanten Importer d'EU-Baussegrenz iwwert de Loftwee a bal 5 Prozent iwwert de Stroossentransport erreecht.

**3. Wéi vill Kontrolle goufen an de leschten 3 Joer vu Päck aus Drëttlänner duerchgefouert a wéi eng Resultater hunn dës Kontrollen erginn?**

An de leschten 3 Jore konnt d'Douane bei 42.238 Import-Deklaratioune fir Artikelen aus Drëttlänner 3.410 Onreegelméissegkeete feststellen, dovunner 110 Dossiere fir d'Maartiwwerwaachung mat enger Gesamtzuel vun 120.748 Unitéite vun net konforme Wueren, déi aus dem Verkéier gezu goufen.

**4. Wéi eng Moossnamen an Zesummenaarbecht besteet tëscht der Douane, der Post an de private Courrier-Servicer, fir d'Konformitéit vun importéierte Wueren ze kontrolléieren?**

Am Aklang mam europäesche Code des douanes ass eng vun den Haaptaufgabe vun der Douanesverwaltung, fir d'Sécherheet vun de Resident'e vun der Europäescher Unioun ze suergen, wann néideg an enker Zesummenaarbecht mat aneren Autoritéiten.

Am Kontext vun dëser parlamentarescher Fro spigelt sech dës Missioun besonnesch duerch déi physesch Kontrolle vun de betraffenen Envoi'en zréck, déi d'Douane an hirem Rôle als Kontrollautoritéit op Basis vun den Import-Deklaratiounen, déi d'Transportentreprise wéi zum Beispill d'Post oder d'Express-Servicer hannerleeën, duerchféiert.

Wat d'Produktsécherheet ugeet, ass d'Zil vun dëse Kontrollen an éischter Linn, d'Konformitéit mat den EU-Standarden ze iwwerpréiwen an am Fall vu Verstéiss ze verhënneren, dass déi betraffe Wueren an de fräie Verkéier gesat ginn.

Am Fall vu constatéierten oder presuméierten Net-Konformitéite befaasst d'Douane déi zoustänneg Autoritéit fir d'Maartiwwerwaachung, an dësem Fall den ILNAS mam Dossier.

Am Kader vun der europäescher Gesetzgebung iwwer d'Maartiwwerwaachung a Produktkonformitéit hëlt den ILNAS déi definitiv Decisioun a Saache Konformitéit a Sécherheet. Ofhängeg vun dëser Decisioun ginn déi betraffe Wuere vun der Douane fir den Import entweder zougelooss oder rejetéiert.

An dësem Kontext hunn den ILNAS an d'Douane eng laangjäreg Collaboratioun.

Den ILNAS huet 2024, 3 Formatioun am Kader vun der Kontroll vun der Konformitéit un d'Mataarbechter vun der Douane ginn an der Douane eng Lëscht matt Produktkategorien geschéckt, déi potenziell opportun si fir kéinte kontrolléiert ze ginn.

Am Kader vum E-Commerce mécht den ILNAS op seng eegen Initiative reegelméisseg Kontrolle, esou huet den ILNAS am Joer 2024 56 Produkter kontrolléiert, 57 am Joer 2023 a 70 am Joer 2022.

5. **Wéi héich schätzt de Minister de wirtschaftlechen Impakt vun Net-EU-konforme Wueren op de lëtzebuergesche Commerce?**

Et ass schwiereg geséchert Estimatiounen diesbezüglech ze maachen.

Lëtzebuerg, den 7. Mäerz 2025

De Minister fir Wirtschaft, PME, Energie an Tourismus

(s.) Lex Delles